



# Section de Compétition



## 3ten Trainingsdag



Fotoen vum Fernand op dësem Link

<https://photos.app.goo.gl/C8RbaPirAYKPy4K2A>

Gudden Owend,

Majo, den drëtten Dag ass gefëscht. Hunn mer gëschter nach relativ gutt gefaangen sou sinn mer haut nees an Realitéit zeréckgeholl ginn. Gewiichter louchen zwëschen 250 Gramm an 2 Kg. Jo, wat sollen mer soen. D' Fëscherei ass wierklech, et géif een mengen net all Dag déi selwecht. Och eis Noperen haten wéi mir déi selwecht schlecht Resultater. Am schlémmsten ass et fir eis, dass soubal d' Loft iwwer den Parcours opkënn direkt Touchen noloossen an bis null ginn. Mir maachen eis owes Gedanken iwwer den Buedem an dann kennt den Dag wei haut. An Fro ass nees den Owend wat änneren drun. Mir sinn sou lous esou weit och dass mer bal keen Fudder méi fëschen wäerten. Well wat nützt dat.

Ob der Match Staang idem. Wat maachen, d' Loft kënn an schonns ass et eriwwer. Den Zoch hellt esou zou dass een mengt et misst een en Fändel fëschen ob 40 Meter.

Och hunn mer hei nei Match Stëpp gesinn an och schonns kaf. Mee wei soll een dat elo verstoen no enger kurzer Zäit Training. 80 cm laang sinn se. Richtig flott. Haut huet souguer een Portugis 60 Meter mat der Match Staang gefëscht. Awer näischt gefaangen. En plus gekollten Mueden ob déi Distanz. Flott gell.

Muer setzen mer an der Box 17, an dat soll mol richtig flott ginn. Soll nach méi een bridderlechen Secteur sinn. Majo, mir loossen den Kapp net hänken an hoffen dass mer muer mol nees méi fänken.

